ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Februar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Kulturminister weiderzeleeden.

Wéi d'Zeitung *Woxx* schreift, ass de 15. Februar eng Perquisitioun am Musée gemaach ginn, déi de Parquet och bestätegt huet. Dobäi soll et ëm eng Kollektioun goen, déi am Keller vum nationale Geschichts- a Konschtmusée (MNHA) um Fëschmaart läit an déi engem belsche Staatsbierger gehéiert, déi an Ausernanersetzunge mat der belscher Justiz verwéckelt soll sinn. Laut enger Quell vu *Woxx* wär dës Kollektioun Mëtt der 1990er Joren am Musée tëschegelagert ginn.

An dësem Kontext wéilt ech gär folgend Froen un d'Madame Minister stellen:

1. Däerfen, generell gesinn, Leit hir privat Kollektiounen an de Muséeën tëschelageren? Wär et sënnvoll esou en Déngscht mam Recht ze verbannen, déi Kollektioun och ëffentlech ze weisen?
2. Am Fall wa jo:
   Wéi ass et dann hei mat der Locatioun an der Assurance fir dës Konschtwierker? Misst bei esou Tëschelagerungen duerch Privatleit net och gekuckt ginn, wou déi eenzel Kollektiounen hierkommen?
3. Am Fall wann nee:
   Wéi ass et dann ze verstoen, datt hei eng Privatsammlung konnt jorelaang stockéiert ginn, ouni datt d'Fraise gedeckt waren? Huet dëst och personell Konsequenze fir déi Responsabel? Wie wär haftbar gewiescht, wann d'Kollektioun oder Deeler dovun zu Schued komm wären?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique